

Aesthetic FLAT Closure



National Cancer Institute
Dictionary of Cancer Terms
"aesthetic flat closure"
A type of surgery that is done to rebuild the shape of the chest wall after one or both breasts are removed. An aesthetic flat closure may also be done after removal of a breast implant that was used to restore breast shape. During an aesthetic flat closure, extra skin, fat, and other tissue in the breast area are removed. The remaining tissue is then tightened and smoothed out so that the chest wall appears flat.

**It's not about vanity,
it's about dignity.**

Not Putting on a Shirt

Dës Patientinne sinn zefridde mam AFC

“Et deet gudd net méi sou vill Angscht ze hunn.“

S. K. huet sech präventiv hir Brëscht erofhuele gelooss wéi si vun hirer BCRA 1 Mutatioun gewuer gouf.

“Endlech keng weider Operatione méi!“

A. S. lieft mat engem flache Broschtkuerf nodeems hir Implantater net méi gudd waren an eraus geholl goufen.

“E Gefill vun Erliichterung a Wuelbefannen.“

M. K. krut en AFC bei enger zweeter Operation no enger fräiwëlleger duebeler Mastektomie.

Fir d'Inspiratioun bei der Entwécklung vun dësem Flyer soe mir de Frae vun:

**AMSOB - Ablatio mammae
Selbstbewusst ohne Brust**
www.amsob.de

Not Putting on a Shirt
www.notputtingonashirt.org

Stand Tall AFC
www.standtallafc.org

Merci fir déi onermiddlech Aarbecht fir den AFC alle betreffene Fraen zougänglech ze maachen.

Du bass net aleng

Eng ganz grouss Zuel vu Fraen verléieren eng Broscht oder hir Brëscht, duerch eng Mastektomie beim Broschkriibsträtament oder well si präventiv eng Broschkriibserkrankung verhënnere wëllen. Et gi Fraen déi vun enger Genmutatioun betraff sinn. Aner Fraen mussen oder wëllen hir Broschtimplantater eraushuele loossen well si déi net méi verdrinn.

Du bass elo just diagnostizéiert, a Behandlung oder a Remissioun. Et gi ganz vill Informatiounen, a ville Sproochen, fir Fraen déi plangen no hirer Mastektomie schéi flaach ze bleiwen.

Scan dëse **QR Code** an entdeck Berichter, Filmer, Fotoen, Hëllefsguppen, Websäiten, Informatiounen, Organisationen a Podcasten iwwert den AFC.

Léier interessant Frae kennen, déi wéineger wéi zwou Brëscht hunn. Si weisen dir, a kreativer Mannéier, wéi et sech ufillt an ugesäit mat engem schéine flaache Broschtkuerf ze liewen.



SCAN ME FOR
#AestheticFlatClosure
COMMUNITY • EDUCATION • SURVIVORSHIP

Version 05.2023



Meng Wiel

**informéiert iwwer den ästhetesch
flaache Verschloss no enger
Mastektomie bei enger
Broschkriibserkrankung.
Et ass eng nei Méiglechkeet vun
Thoraxrekonstruktioun.**

*Am englesche Sproochgebrauch
heescht dës Zort vu Rekonstruktioun
Aesthetic Flat Closure – AFC*

*Op franséisch soe mir:
Garder un buste plat*

*Op lëtzebuergesch soe mir:
**Schéi flaach sinn
oder
Ästhetesch flaach
Broschtkuerfrekonstruktioun***

Frae wielen den AFC well

- Flaach sinn ass gesond. Et entwéckele sech wéineg Komplikatiounen. Eng Fra ass séier erëm a Form an et gi keng Risiken op laang Dauer duerch den AFC.
- Flaach sinn ass fleegeleicht. Et brauch kee Friemkierper andauernd kontrolléiert ze ginn an et brauche keng zousätzlech Operatioune gemaach ze ginn.
- Flaach sinn ass eng valabel Alternative. Studie bewisen datt schéi flaach operéiert Frae genee sou zefridde sinn, wéi Fraen déi e Broschtopbau mat Silikon oder Eegentissu hunn.
- Flaach si gesäit gutt aus. Duerch den ästhetesch flaache Verschluss gesäit de Broschkuerf flaach an natierlech aus. D'Gezäi dreet sech besser a verrutscht net. Prothesen hale besser.
- Flach si bréngt mat sech, datt sportlech Aktivitéite méi einfach ze maachen sinn. Eng Frau brauch keng speziell Ennerwäsch oder Hëllefsmëttel méi.

Kontakt

Meng Wiel

www.mengwiel.org

mengwiel@gmail.com



Meng Wiel



iStockphoto

Den ästhetesch flaache Verschluss


Ass eng Operatiounsmethod fir Broschkriibspatientinnen wann eng Broscht oder zwou Brëscht erofgeholl ginn.

De Broschkuerf gëtt sou zougemaach, datt kee Broschttissu, kee Fett a keng Haut iwwerstoen. Et dierfe keng Kaulen entstoen. D'Äerm mussen voll beweglech sinn. De Broschkuerf ass schéi flaach mat propper gebitzte Cicatricen. Am Fall vun enger doubler Mastektomie ass de Broschkuerf symetresch.

Den ästhetesch flaache Verschluss ka selbstverständlech och gemaach ginn, wa Broschimplantater erausgeholl ginn oder Brëscht präventiv mussen oder wëllen erofgeholl ginn, wann eng Patientinn z. B. vun enger BRCA 1 oder BRCA 2 Genmutatioun betraff ass.

Den ästhetesch flaache Verschluss muss och männleche Broschkriibspatienten no enger Operatioun zegutt kommen.

Et ass wichteg wéi's du ausgesäiss!



- Kann ech mir virstellen fir ëmmer e flaachen Thorso ze hunn?
- Huet mäi Chirurg eng grouss Erfahrung fir e schéine flaachen Thorso ze modelléieren?
- Wat fir eng Operatiounsmethod ass déi richteg fir mech?
- Weis dengem Dokter an dengem Chirurg wéi's du wëlls ausgesinn. Huel eng Beispillfoto mat.
- Patientinne sinn zefridde wann hir Dokteren hir Wiel ennerstëtzen.
- Kann ech Broschtprothesen no engem ästhetesch flaache Verschluss undoen? Jo, et ass sougour méi einfach an agreabel wann däin Thorso an deng Länzeeche schéi flaach sinn.
- Kann ech déi Décisoun flaach wëllen ze bleiwen aleng huelen? Looss dech beroden vun enger Fachfra. Psychoonkologinnen a Breastcarenursen stinn dir zur Säit bei denger Wiel.